# Neien iwwerregionale Container Terminal Bettembourg-Dudelange: Mouvement Ecologique reecht Asproch an

Enn Dezember, just virun de Chrëschtfeierdeeg, huet d'Gemeng Diddeleng eng Enquête Publique opgemaach, déi vun der CFL ugefrot gi war betreffend der Erweiderung vum Container Terminal. De Mouvement Ecologique huet Asproch erhuewen, e kuerze Bericht.

Bei dem ausleienden Dossier huet et sech ëm en Dokument vun e puer honnert Säite gehandelt.

Wat den Zäitpunkt vun der Enquête Publique ubelaangt ass ze soen *„Ein Schelm, der Böses dabei denkt".* No de Chrëschtfeierdeeg huet alles misse ganz schnell goen, fir d'Deadline fir en eventuellen Asproch net ze verpassen. Dobäi muss ee wëssen: och eng Gemeng muss d'Délaien anhalen, a wann eng Gesellschaft (an dem heite Fall d'CFL) en Dossier erareecht, ass d'Gemeng gehale 14 Deeg nodem si den Dossier kritt huet en der Bevëlkerung ze presentéieren. Do ass et e Kannerspill fir auszerechnen, wéini den idealen Termin ass fir esou en Dossier als Firma ze presentéieren, datt esou mann wéi méiglech Leit d'Enquête Publique matkréie …

Mais soit: op dem Emweltbureau vun der Diddelenger Gemeng louch fir de Public den enormen Dossier betr. Schafung vun engem neie risege Container Terminal à Vocatioun régionale fir eranzekucken aus, ma ebe just „fir eranzekucken".

De Beamte vum Service Ecologique huet zwar all erdenklech Renseignementer ginn, huet awer däitlech gesot, datt hien net kéint d'Erlaabnis gi fir Photocopie vun dem Dokument ze maachen. Dat ass awer juristesch falsch, widdersprëcht kloer dem „Droit à l'information".

De Mouvement huet sech bei der Gemeng kloer op de „Droit à l'information" beruff a sech derfir agesat, datt den Dossier sollt direkt online gesat ginn! No e puer Telefonsuriff bei dem Emweltberoder, dem Vertrieder vun der Grénger Partei am Diddelenger Conseil ass den Dossier schliesslech e puer Deeg dono - 3 Deeg virun dem Oflaf vun der Asprochfrist (!) - online gesat ginn. Souvill zum Demokratieverständnis resp. der fachlecher Kompetenz an der Diddelenger Gemeng … hoffentlech, just an dësem Dossier?

Obwuel de Prinzip vun dem Frettransport iwwert d'Schinn kloer vum MECO befürwort gëtt, hat de Verantwortleche vun der lokaler MECO-Sektioun (Verfaasser vun dësem Artikel) eng Parti Punkten an dem Dossier virzebréngen an ze bemängelen.

## Zum Projet

Op engem Areal vun 33 ha soll an de Joeren 2015 bis 2016 mat engem risegen Opwand un Terrassementsaarbechten – well et muss eng riseg 100% ebe Fläch geschaf ginn - tëscht Beetebuerg (200 m Loftlinn zum Altersheim) an Diddeleng (bis op 300 m un déi éischt Haiser vun dem Uertsdeel Biereng erun) e regionale Container Terminal entstoen. Den aktuellen intermodalen Terminal Schinn-Strooss huet scheinbar e groussen Undrang a soll méi eng grouss Funktioun an der Groussregioun kréien.

## E puer Detailer betr. den Inzidenzen op dat not Ëmfeld, Awänn, wou och am Asproch formuléiert gi sinn:

- Et gëtt en ha-grousst Areal terrasséiert a versigelt
- D'Diddelenger Baach gëtt entweder komplett zougedeckt, oder d'Baachbett gëtt verluecht (et existéiere verschidde Varianten, mäi déi ginn an dem Dokument virun allem ënnert technesche Gesiichtspunkten analyséiert, a manner ënnert dem Aspekt vu Bioptoperhalung, resp. kompensatoresche Moosnahmen). Et schéngt wéi wann déi aus Naturschutzsicht net esou gutt Variant am Dossier zeréckbehale gi wär.
- Wann den Terminal bis funktionéiert (7 Deeg op 7; 24 Stonnen op 24) si ronn 1700 Camionsbewegungen deeglech virgesinn, an engem Eck wou souwisou d'Collectrice du Sud, d'Triage-Gare, de Pendlertraffik iwwert d'N6 en immense Kaméidis- a Verkéiersimpakt op d'Stad Beetebuerg an den Diddelenger Uertsdeel Biereng hunn.

## Inhaltlech Problemer

**Wat mir de Studien an dem Dossier virwerfen an duerfir och Recours agereecht hunn (den Diddelenger Conseil huet iwwregens och keen Avis favorable ausgestallt) ass, datt**

- **net op déi zousätzlech Kaméidisbelästegung agaang gëtt a net zefriddestellend Mesuren proposéiert ginn, fir d'Bevëlkerung do virdrun ze schützen** (déi éischt Wunnhaiser Biereng a Pflegeheim Beetebuerg leien a nächster Proximitéit); d'A13, d'Gare de Triage vun der CFL an déi sëllech Betriber an der Gewerbezon si scho genuch Lärmbelästegung). Effektiv besteet eng Etude betr. d'Kaméidisbelaaschtung vu LUXCONTROL vun August 2011 an dem Uertsdeel Biereng a Beetebuerg, déi de Cumul vun dem Kaméidi an der Nuecht op Niveau V chiffréiert; wann elo och nach e riesege Containerterminal mat groussregionaler Vokatioun entsteet, an an den nächste Joeren och nach de Logistikzenter derbäi kënnt, da geet d'Kaméidisbelaaschtung nuets bestëmmt net zréck, an et ass eiser Meenung onerlässlech, datt an der Etude Mesuren (z.B. e Lärmschutzwall oder héich Beem laanscht den Damm vun der A13) ugeluecht gi fir déi Kaméidisbelästegung anzeschränken;
- **keng naturschützeresch Moossnahme proposéiert ginn** fir déi Biotopvernichtung vun der Diddlenger Baach ze kompenséieren, resp. déi Variant fir d'Baach zréckbehale gëtt, déi aus naturschützeresche Gesiichtspunkten de klengsten negativen Impakt huet;
- **déi sougenannte Seveso Richtlinnen, déi bei Transport vu geféierlechen/riskante Substanze** musse spillen an eng Mindestdistanz zu der Agglomeratioun musse virgesinn,

zimlech large interpretéiert ginn, an obwuel de neien Terminal vill méi no wäert un den Uertsdeel Biereng réckelen, gëtt d'Sevesolinn net nei definéiert;

- **d'Etude geet net detailléiert genuch op dat massiivt Uwuesse vu Camions-Verkéier op der A13 an och der N6 ageet**, besonnesch well den zukünftege Logistik Center op dem ehemolegen-WSA Gelänn direkt un de neie Container Terminal grenzt, an déi 2 Verkéierstréim d'A 13 an d'N 6 zousätzlech wäerte belaaschten. Wann ee weess, datt elo schonn d'N 6 tëscht Diddeleng a Beetebuerg zu de Stousszäiten duerch Pendler a Grenzgänger hoffnungslos verstoppt ass, da brauch ee keen Hellseher ze sinn, fir sech auszemolen, wat an de Joeren 2016 op eis zoukënnt;
- **op dem Areal tëscht Beetebuerg an Diddeleng-Biereng (ronn 200 ha) et eng immens Konzentratioun vun Industrien a Gewerben gëtt** an zousätzlech Betriber wäerten den negativen Impakt op d'Bevëlkerung, sief et duerch Kaméidi, zousätzleche Verkéier, Verschwanne vun accessibelem Gréngraum net méi kleng maachen. Et muss duerfir ganz kloer ënnersicht ginn, wéi d'Belaaschtung ka reduzéiert ginn a ganz kloer Oploen a Schutzmoossname festgeluecht ginn.

Well den Dossier der Meenung no vum Mouvement Ecologique ville vun dësen Aspekter net genuch Rechnung gedroen huet, duerfir och de Virgabe vum Kommodo-Gesetz net entsprëcht, huet de Mouvement a sengem Recours och gefuerdert, datt d'Prozedur vun der Enquête Publique muss annuléiert an eng nei duerchgefouert ginn. Am Dossier mussen dann all Inzidenzen op Mënsch, Flora a Fauna, Buedem, Loft , Klima a Landschaft ënnersicht a konkret Schutzmoossname virgeschloe ginn.

*Jean-Jacques Muller*